A6-25

D'Bremer

# STATMUSIKANTEN.

Theaterstek an 2 Akten fir mindestens 6 Spiller.( 4o, Minuten)

Scene: irgend eng Platz mat engem Wé, enger Mauer an engem Bam.
Durno Bösch mat engem Raiberhaus.

*******************************************

## I. Akt.

( et ass alles hell. En Iesel kõnt leschteg erbeigetrampelt a sengt kräfteg:) Hi-han, hi-han, hi-ha-han......( dre't sech zu de Leit)

Iesel: 14 Joer hun ech lo mengem Méschter, dem Miller, gedengt, Dag fir Dag seng Mielsäsk geschléft- fun Bauer ant Millen an rõm fun der Millen bei de Bäcker an nie hun ech mech duefir beklot. Mé lo ass mir t' Gedold gerass!--Haut de Muergen sot op e Mol de Miller: Eise Groen get al an go'reg. Geschwönn packt hie keng Säck me'. Mar get hie verkaft. We' ech dat he'ren hun, hun ech meng lescht Force zesumme geraft asi gehaft so' weit we' ech konnt!--- Lo wés ech wat ech man: Ech gin no Bremen ant Statmuseck. Do brauchen se én fir dé deck Tromm ze schloen, a wien kann dat eso' gud we' ech?(schle't am Tackt Hi-han-hi-han-hi-ha- han....(wöllt fort)

Hond: (trett op an hault)( hie muss dem Iesel an d' Ried Falen!!!) Waaaauuuuuuuuuu, Wauuuuuuuu! Wat hun ech et schlecht! Mei Méschter wöllt mech ersche'ssen, wellech keng Zänn me' hun an d' Hans net Me' firun den De'wen behidde kann. Am le'fsten ge'f ech och fortlafen . Wauuuuuuu!

Iesel: Ma we's du wat? Ge' mat mir op Bremen bei d'Statmuseck. Du bass eng gud Stömm an e langen Otem.--Du -- ble's de----Piston an ech schloen t' deck Tromm! dat get e Steck!( gin op der Bühn ronderõm a spillen) ( Gesten!)

Katz: (mecht e Spronk op d' Bühn a fällt an de Concert mat engem formidablen Miaaaaaauuuuuuu) Miaaaaaauuuuuuu!........

Hond an Iesel: ( stoppen an furen zreck) Wat ass dann an dech gefuer, du schwarzen Maisfrösser? Du jeitz jo dat et en Stẽn erbarmt!

Katz: MiAaaaauuuuuuuuu!- Ech soll elo ersoff gin fun menger Méschtech. Ass dat net fir ze jeitzen?( kent erbei)- Scho lang leien ech le'wer hannert dem Uewen we' nach de Mais nozelafen, an elo fõnt meng Méschtesch ech wir neischt me' wert! O, we' ongerecht!

Iesel: Mach der neischt draus, Maisfresser!--Kuck, du kanns so' sche'n Nuetsmuseck machen. Ge' mat eis no Bremen ant Statmuseck.--Du spills de' e'scht Gei, de Baupsert ble'sst de Piston an ech schloen t' deck Tromm.

Katz: Dat get e Concert! Averstan! Ech gi mat!( stellen sech hannertenén op a spillen.)

hi-han-wau-miau-miau-hi-han-wau-miau-miau.......(3 x)

(nom leschten Miau.. kent é verwallten Hun iwert d' Bühn gerannt a schmettert aus Leiweskräften sein Kickrikiiii)

Hun: Kickrickiiiiiiii.........

Hond: Halt, du Möschtkinneck! Du jeitz jo dat e mengt , de Fuss wir hanner dir! Wuer rennst du dann eso se'er?

Hun: Net de Fuss ass hannert mir, me' meng Hausfra'! Mar kennt Besuch an do wöllt se mech an t'Döppe stiechen! Durfir lafen ech fort a jeitzen nach émol so' hart we' ech kann-- Kickrickiiiiiiiii! (wöllt fort

Iesel: Nén, halt! Ech wéss eppes besseres! Ge' mat eis op Bremen ant Statmuseck!--Do ble'sst du t' Trompett, de Maisfrösser spillt t' e'scht Ge

de Baupsert ble'sst de Piston an ech schloen t' deck Tromm. Da werten t' Leit t'O're spötzen!

Hun: Ma jo, ech gi mat op Bremen! (Si stellen sech erem hannerenén op a marsche'ren iwert t'Bühn)

---

Hi-han -wau-miau-miau-kick-ri-kiiii-hi-han-wau.....(3 x)

Iesel: (bleift stoen) So gét et! Mir hun nach e weite Wé firun eis. Losse mer eis schlo'fe le'en, well mir kommen haut dach bei kén Haus me' (tesselen sech beienén, nömmen den Hun ka keng Ro' fannen)

Hun: Ech kann net hei um Buedem schlo'fen. Ech fle'en dohannen op e Bam! Gud Nuecht! ( fort an Kulissen)

All: Gud Nuecht Möschtkinneck! (et ass e klengen Moment ro'eg, da rifft den Hun)

Hun: Hé, dir doennen! Erwecht! Erwecht! Ech gesin eng Lucht! en Haus!

all: Eng Lucht! En Haus! (sprangen op,kucken an der selwechter Richtung) A wo' dann?

Hun: ( könnt zreckgelaf a weisst) Ma do! Doennen am Bösch!( T' De'ren weisen an dèr Richtung a gin op d'Lucht Zo')

Hond: Ech schnupperen Damp...

Katz: An ech warmt Iessen....

Iesel: An ech mëllt Stre' fir dran ze schlo'fen! Losse mer ons opmachen an dohinner goen!

All: Jo, losse mer dohinner goen- (fort)

************ Rideau ************

## II. Ackt.

- Bösch -- e Raiberhaus--- Nuecht.

D' Raiber an firchterlecher Opmachung( Séwelen , Rewolver,) schle'fen hir gestuele schätz erbei.

I Raiber: Ha, wat wert de Kinnek mar kucken,wa mir him seng Schatzkummer ausgeraumt hun!

2 Raiber: Nach so' e Fank, da si mir de' Reichst aus dem ganze Land!

3 Raiber: A liewe we' Prönzen!

4 Raiber: A brauchen neicht me' ze schaffen!

5 Raiber: A wann et eis gefällt, da stielen mir dem Kinneck d' Schlass iwer dem Kapp ewech!

I Raiber: ( bretzt sech) Mir fèrte kén!

All: ( schwenken de Séwel a jeitzen ) Néekén!

2 Raiber: kén Daiwel a kén Gespenzt!

All: kén Daiwel a kén Gespenzt!

Haptman: (sprengt önnert se) Wöllt der wuel ro'eg sin! Se'er ran ant Haus! ( mat de Raiber fort)

***** Iwerdéms kommen am Gänsemarsch eis 4 Gesellen op D'Bühn; kucken sech em a gin virsichteg op dat seltsam Haus hin.

Hun: (bedenklech) Dat--dat---dat---ass ké gewe'nlecht Haus! Do ass jo keng Möscht derbei..

Katz: ( mecht e Schratt me' weit) Dat Haus ass voller gudder Sachen! Hei wat d'Mais do' löschteg sin! Miauuuuuu!

Hond: ( mecht nach e Schratt me' weit) De' Geroch do gefällt mer guer net An dém Haus elei stömmt eppes net! Et richt we'..... Angschtschwés ......... a Blut......... a Pollefer...!

All: Oooooooo! ( weichen zreck bis hanner d' Bühn, mé kommen no' e puer Sekunden erem lussen)

Iesel: Losse mer dach emol kucken goen. Wien huet Angscht?

All: Ech net---- ech net----- ech net---!

Iesel: Kommt ech gin kucken!

All: Ech och----ech och-----ech och! ( schleichen bei d' Fenster) Pst--- pst----( pst-------- pst---!(bei der Fenster kuckt den Iesel ran)

All: Groen, wat geseis du?

Iesel: Ech gesin e gedeckten Dösch!
All: Aaaaaaaaaaa!
Iesel: Mat Ham--- an Zossis----- a Kuch!
All: Mat Wein a Be'er---------------- All: Eiiiiiii!
Iesel: Mé ronderöm den Dösch do' setzen-------
All: Wien?
Iesel: -------Raiber!--------
All: Huuuuuuuuuuu (alles fort)

****** An de'm Moment firt d'Dir fum Raiberhaus op an et stirzen 2 Raiber eraus, fachen mam Séwel a ruffen)

I Raiber: Komm kucken ! Hei baussen he'ert ex a geseit é kén!
2 Raiber: An et soll nemmen kén sech hei weisen!
de' Aner: Well lieweg ke'm en net fort fun hei!( ze'en hir Dolcher)
3 Raiber: (ziddert) Da sin et Gespenster de' ech he'ren hun!
I+4 Raiber: Gespenster! Hahahaaaa! Et ass de Wand an de Bém!( fort)

******* d' De'er kommen zreckgeschlach

Hond,Katz, Hun: Hei können mer net bleiwen! Nén!( lossen de Kapp hänken)
Hond: Wat solle mer machen?
Iesel: Ech wés eppes!---------- Lauchtert!(si strecken d' Kapp zesummen a pösperen)
All! Jo, jo! Hahahaaaaaa!

******** ( sie schleichen lues bis bei d' Fenster fum Raiberhaus, klammen op-enén, den Iesel önnen, den Hond drop, dann Katz an zulescht den Hun. OP én Zéchen fänken se all un ze Jeitzen)

Hi-han,hi-han-hi-han******
Wau,wau,wau,wau.....
Miau-miau-miau.......
Kickerickiiiiiiii.....

a stirzen zur Fenster eran. D' Dir firt op an d'Raiber flüchten Hals iwer Kapp an de Bösch.

Raiber: Gespenster, Gespenster, Erbarmen!----

******* D'De'er kommen op d'Bühn an iessen mat volle Backen.

All: Well hun mir et gud!
Katz: Ech le'en mech bei d' Feier a schlofen.
Hond : An ech bei d' Dir fir d' Wuecht ze halen.
Iesel: An ech an den Haff ant möllt Stre'.
Hun: An ech fle'en op den Dach fum Haus fir ze Schlo'fen. gud Nuecht!
All: Gud Nuecht!( SI le'en sech nidder a schlo'fen)

******* Lues könnt e vun de Raiber eremgeschlach.

Raiber: We' ass alles so' ro'eg hei!.....Den Haptman huet mech zreckgeschek fir ze spione'eren. Mé ech menge ganz, mir si fir neicht so' domm fortgelaf!------- Ma do leit jo grad e gliddege Kuel fir meng Peif unzefänken....( greift der Katz an d'Aen, me' de' sprengt mat engem Satz op an him an d' Gesicht. DE Raiber jeitzt auuuu a fällt em. E wöllt fortlafen mé do beisst den Hond hien an d'Bén a Werft de Raiber em: auuuuuuu! Den Iesel get him e Foss hanebei dat hien fun der Bühn flit an den Hun rifft iwerdéms so hart we' e kann:
Hun: Kickrikiiiiiiiiii--------( dann stin d'De'ren op an gin an d'Haus)

******** Starke Phar op d' Raiber) ( Nuecht)

Raiber: (könnt mam Haptman an erzielt mat Zidderen. Raiber ronderem.)***** A we' ech bei d' Feier komm sin, du sprengt do eng greisslech schwarz Hex mir an d'Gesicht an huet mir mat hire langen Fangeren d' ganzt Gesicht zerkratzt. Bei der Dir so'tz e Mann mat engem Mes-ser. Dén huet mech an d' Bén gestach.Am Haff stong e Ries mat engem Knöppel, dé wollt mech do'tschlo'en. An um Dach vum Haus war de Richter. Dén huet dén aneren zo' geruff: Brengt mer en hiiiiir, berngt mer en hiiiiir! Du sin ech gelaf so' schnell ~~ech~~ mech meng Bén dro'e konnten, bis heihin.
Haptman: Losse mer fortgo'en. Hei hu mir aus gespillt. Kommt! (of)

******* Starke Phar op d' Raiberhaus)(eng Fenster gét op an d'De'ren kucken eraus)

De'ren: A mir bleiwen hei a liewen glecklech an zefridden bis un eist se'lecht Enn.

Hi-han!

Wauuuuuuu§!

Miauuuuuuuu!

Kikrikiiiii! (Phar aus)

****** Rideau*********